PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.

Un eis goufe Fäll erugedroen, wou Persounen sech iwwert de Stand vun hirem Dossier bezüglech hirer Demande fir d'Primm fir eng Photovoltaik-Anlag wollten informéieren. Wann si beim Guichet unique des aides au logement ugeruff hunn, goufen si um Telefon un den Ëmweltministère verwisen. Der Klima-Agence wär dee Problem och scho bekannt an dass et ganz dacks géif virkommen, dass d'Leit vu A u B an ëmgedréint géife verwise ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass et méiglech, dass Persounen tëscht verschiddene Ministèren oder aneren Ulafplazen hin an hir verwise ginn, obwuel et Sënn an Zweck vun engem Guichet unique soll sinn, dass concernéiert Persounen hir Demande just un eng Plaz solle riichten?

2. Wat gedenkt de Minister ze maachen, fir dass concernéiert Persounen an Zukunft direkt un déi néideg Informatiounen an Uspriechpartner kommen amplaz ëmmer nees un eng aner Ulafstell verwisen ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten